N°4217
Entrée le 07.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4217 vum 9. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Kann d'Madamm Ministesch en Iwwerbléck ginn, deen opweist, ab wéi engem Alter verschidden Impfungen als sënnvoll oder recommandéiert ugesi ginn – differenzéiert no Geschlecht (Fraen/Männer) souwéi fir Persoune mat Immunosuppression oder anere Risikofacteuren – an dëst konkret fir follgend Impfungen: FSME (Zecken), Hepatite A a B, MMR (Riedelen, Mumps, Riedelen), RSV, Gürtelrouse, saisonal Gripp, Covid-19 souwéi Héichdosis-Impfstoffer fir eeler oder immunosuppriméiert Persounen?*

De *Conseil Supérieur des Maladies Infectieuses* (CSMI) ass dofir zoustänneg, dem Minister, deen d'Gesondheet a senge Kompetenzen huet, Avisen zu Froen am Zesummenhang mat ustiechende Krankheeten ze ginn an all néideg Preventiouns- a Bekämpfungsmoossnamen an dësem Beräich virzeschloen. An deem Kader formuléiert de CSMI och Impf Recommandatiounen, déi um Site SanteSecu.lu[1] disponibel sinn. Déi recommandéiert Impfungen si festgehalen am modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 18. Oktober 2001[2].

D'Impfunge baséieren am Allgemengen op universelle Recommandatiounen, onofhängeg vum Geschlecht, mat Ausnam vu bestëmmte Situatiounen am Zesummenhang mat enger Schwangerschaft. Verschidden Impfunge kënnen zousätzlech gezielt recommandéiert ginn, jee no Alter, dem Bestoe vu Komorbiditéiten oder der Ausübung vu bestëmmte berufflechen oder Fräizäitaktivitéiten.

Prinzipiell falen immunosuppriméiert Persounen ënnert déi universell Impfempfehlungen, virausgesat et besti keng medezinesch Kontraindikatiounen am Zesummenhang mat hirem Immunosuppressiounszoustand. Besonnesch wat déi an der uewe genannter Fro opgezielte Krankheeten ugeet, enthält den Tableau an der Annex d'Recommandatioune vum CSMI, differenzéiert no Alter, Komorbiditéiten oder medezinesche Konditiounen, souwéi no Beruff, Expositioun oder spezieller Situatioun.

*2. Wéi eng vun dëse recommandéierten Impfunge ginn aktuell vun der CNS rembourséiert, evaluéiert no bestoenden ALD-Krankheeten an dem Alter vum Patient?*

Am Kader vum nationalen Impfprogramm stellt d'Gesondheetsdirektioun den Dokteren iwwer e Bestellsystem beim Service risques de santé follgend Impfstoffer a Produite gratis zur Verfügung:

- Impfstoffer géint Hepatite B, fir déi Bevëlkerungsgruppen, déi am Tableau an der Annex opgezielt sinn;
- MMR-Impfstoffer (Riedelen, Mumps, Riselen), fir déi Bevëlkerungsgruppen, déi am Tableau an der Annex opgezielt sinn;
- Produite fir d'passiv Immuniséierung (monoklonal Antikierper) géint de Respiratoresche Synzytial-Virus (RSV), fir Neigebueren a Puppelcher, déi am Tableau an der Annex opgezielt sinn;
- Impfstoffer géint RSV, fir schwanger Fraen;
- Impfstoffer géint Gürtelrous, fir déi Bevëlkerungsgruppen, déi am Tableau an der Annex opgezielt sinn;
- Grippeimpfstoffer fir Kanner am Alter vun 2 bis 17 Joer;
- Impfstoffer géint Covid-19, fir déi Bevëlkerungsgruppen, déi am Tableau an der Annex opgezielt sinn.

[1] Conseil Supérieur des Maladies Infectieuses (CSMI) - Portail Santé - Luxembourg
[2] Règlement grand-ducal modifié du 18 octobre 2001 déterminant la liste des vaccinations recommandées.

Doriwwer eraus bestinn zwou Konventiounen tëscht dem Staat an der Gesondheetskeess (CNS), déi et erlaben, de Patientinnen a Patienten déi follgend Impfstoffer gratis zur Verfügung ze stellen:

- De Grippeimpfstoff fir Persounen ab 65 Joer (héichdoséiert oder adjuvantéiert Impfstoffer) souwéi fir Persoune mat besonnesche Risikofacteuren (Impfstoffer mat Standarddoséierung), wéi an der Lëscht vum Artikel 3 vun der Konventioun[3] opgezielt. Bei der Grippeimpfung fir d'Saison 2025/2026 beleeft sech den Total vun dem Montant fir d'Grippeimpfstoffer, deen iwwert d'CNS en Charge geholl ginn ass, op 1,6 Milliounen €. Dovunner remboursséiert de Staat iwwer de Budget vun der Gesondheetsdirektioun 1 Millioun €.
- De Pneumokokken-Impfstoff fir Persounen ab 65 Joer souwéi fir Persoune mat besonnesche Risikofacteuren, wéi an der Lëscht vum Artikel 3 vun der Konventioun[4] opgezielt. Bei der Pneumokokkenimpfung fir d'Joer 2025 beleeft sech den Total vun dem Montant fir d'Pneumokokkenimpfstoffer, deen iwwert d'CNS en Charge geholl ginn ass, op 715.000 €. Dovunner remboursséiert de Staat iwwer de Budget vun der Gesondheetsdirektioun 70.000 €.

Dës Impfstoffer musse vun engem Dokter verschriwwe ginn a kënnen duerno vun de Patientinnen a Patienten op Basis vun enger medezinescher Ordonnance an enger Apdikt ofgeholl ginn.

D'Impfstoffer géint FSME an Hepatite A ginn net vum Staat finanzéiert. Dës Impfungen si virun allem a spezifesche Situatioune recommandéiert, notamment am Zesummenhang mat bestëmmte Reesen oder berufflechen Expositiounen.

Wat FSME ugeet, gëtt et aktuell kee bekannten autochtonen Iwwerdroungsrisiko zu Lëtzebuerg. Am Fall vun engem Expositiounsrisiko am Kader vun enger beruflecher Aktivitéit am Ausland falen déi entspriechend Schutzmoossnamen, dorënner och d'Impfung, an d'Verantwortung vum Patron.
Dat selwecht gëllt fir Hepatitis A: Wann e spezifesche beruffleche Risiko identifizéiert gëtt, ass et un de Patron, déi néideg Preventiounsmoossnamen ëmzesetzen, dorënner och d'Iwwerhuele vun de Käschte fir d'Impfung.

*3. Zu wéi engem Prozentsaz ginn déi jeeweileg Impfstoffer aktuell vun der CNS iwwerholl?*

D'Iwwerhuele vun de Käschte fir d'Impfstoffer an d'Produite fir d'passiv Immuniséierung am Kader vum nationalen Impfprogramm, déi an der Fro 2 genannt goufen (sief et direkt vum Staat oder indirekt iwwer d'Remboursement duerch d'CNS) ass zu 100 %.

Fir all déi uewe genannten Impfstoffer a Produite fir d'passiv Immuniséierung huet de Patient deemno nëmmen d'Käschte vun der medezinescher Consultatioun ze droen.

*4. Sinn aktuell Mesurë geplangt, fir d'Recommandatiounen oder d'Remboursementer vu bestëmmten Impfungen auszebauen?*

Aktuell lafe kontraktuell Gespréicher, fir de Vaccin géint den RSV gratis zur Verfügung ze stelle fir:

- Persounen ab 75 Joer, besonnesch fir d'Bewunner vu Strukture fir eeler Leit;

[3] https://cns.public.lu/dam-assets/legislations/convention/cns-etat-grippe.pdf
[4] https://cns.public.lu/dam-assets/legislations/convention/cns-etat-pneumocoque-01102022.pdf

- Persounen ab 65 Joer, déi u Krankheete leiden, déi de Risiko fir e schwéiere Verlaf vun enger RSV-Infektioun erhéijen (chronesch Otemweeërkrankheeten, chronesch Häerzinsuffizienz, Immunodefizienzen oder Kriibserkrankungen).

Zënter Oktober 2025 kënne Kanner a Jugendlecher am Alter vun 2 bis 17 Joer sech gratis géint d'Gripp impfe loossen, mat engem klasseschen Impfstoff. Ab der Grippesaison 2026/2027 wäert och den intranasale Grippevaccin (Fluenz®) fir Kanner a Jugendlecher vun 2 bis 17 Joer den Dokteren iwwer d'Gesondheetsdirektioun zur Verfügung gestallt ginn. Dës Moossnam soll d'Akzeptanz vun der Grippeimpfung bei Kanner a Jugendlechen erhéijen an dozou bäidroen, d'Iwwerdroung an d'Auswierkunge vun der Gripp op d'Bevëlkerung ze reduzéieren.

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Annexe**

| **Recommandation- population cible** | | | |
|---|---|---|---|
| **Maladie** | **liée à l'âge** | **liée à des comorbidités / conditions médicales** | **liée à la profession / exposition / situation particulière** |
| **FSME** | | — | • Dès 6 ans et adultes et séjournant en zone d'endémie durant la saison des tiques, dans un cadre professionnel ou de loisirs, avec exposition significative |
| **Hépatite A** | — | — | • Personnel des crèches, foyers de jour et collectivités ;<br>• Personnel de l'assainissement et des eaux usées ;<br>• Manipulant des denrées alimentaires ;<br>• Voyageant en zone d'endémie |
| **Hépatite B** | • Nourrissons ; enfants et adolescents de moins de 18 ans non encore vaccinés | • Insuffisance rénale chronique ;<br>• Hémodialyse/dialyse ;<br>• Greffe d'organe ;<br>• Infection à VIH ;<br>• Diabète ;<br>• Hépatite C chronique ou autre pathologie hépatique chronique | • Professionnels de santé ;<br>• Ambulanciers et autres personnes exposées au sang ;<br>• Résidents et personnel d'institutions pour personnes handicapées ;<br>• Partenaires sexuels de personnes HBsAg positives ;<br>• Personnes vivant dans le même ménage qu'une personne HBsAg positive ;<br>• Hommes ayant des relations sexuelles avec des hommes ;<br>• Personnes ayant des partenaires sexuels multiples ;<br>• Usagers de drogues injectables ;<br>• Voyageurs en zones de haute endémie ;<br>• Personnes souhaitant être protégées |
| **MMR (rougeole, rubéole, oreillons)** | • Enfants à partir de 12 mois avec rappel entre 15 et 23 mois ;<br>• Adultes nés après 1970 et n'ayant pas reçu 2 doses | — | — |
| **VRS** | • Nouveau-nés ; nourrissons de moins de 6 mois | • **Femmes enceintes** entre la 32e - 36e semaine de grossesse avec | Personnes âgées vivant en structure d'hébergement ; |

| Recommandation- population cible | | | |
|---|---|---|---|
| **Maladie** | **liée à l'âge** | **liée à des comorbidités / conditions médicales** | **liée à la profession / exposition / situation particulière** |
| | • Enfants à risque jusqu'à 2 ans (Ac monoclonaux);<br>• Adultes de 75 ans et plus ; | accouchement pendant la période de circulation du virus<br>• Adultes de 65 ans et plus ayant des maladies augmentant le risque d'une forme grave d'infection (maladies respiratoires chroniques, une insuffisance cardiaque chronique, immunodéficience cancer) | |
| **Zona** | Adultes de 65 ans et plus | Adultes à partir de 18 ans présentant une immunodéficience liée à une maladie ou à un traitement | — |
| **Grippe saisonnière** | • Enfants dès 6 mois avec comorbidités<br>• Enfants de 2 à 17 ans ;<br>• Personnes de 65 ans et plus (vaccin hautement dosé ou adjuvanté) | • Maladies pulmonaires, cardiaques, métaboliques ou rénales ;<br>• Immunodépression ;<br>• Anémie falciforme ou autres hémoglobinopathies ;<br>• Affections avec fonction respiratoire altérée ;<br>• Traitements prolongés par salicylés ;<br>• Prématurité (<33 semaines) durant les deux premiers hivers<br>• Obésité sévère (BMI > 40) ;<br>• **Grossesse** | • Personnes vivant en communauté fermée ;<br>• Personnel de foyers et maisons de retraite ;<br>• Proches de personnes à risque ;<br>• Médecins, infirmiers et autres professionnels en contact avec des patients ;<br>• Personnel des crèches et personnes en contact avec des enfants de moins de 2 ans ;<br>• Certains groupes pour raisons socio-économiques (p. ex. employés saisonniers, chauffeurs de bus, soignants) |
| **Covid-19** | Personnes de 65 ans et plus | • Adultes présentant une obésité (BMI > 30), un diabète traité, une pathologie cardiovasculaire sévère, une maladie pulmonaire chronique, une maladie hépatique chronique, une maladie rénale chronique, un cancer ou une hémopathie, une immunodépression ; | • Entourage régulier des personnes à risque ;<br>• Personnel de santé ;<br>• Toute personne souhaitant être vaccinée |

| Recommandation- population cible | | | |
|---|---|---|---|
| **Maladie** | **liée à l'âge** | **liée à des comorbidités / conditions médicales** | **liée à la profession / exposition / situation particulière** |
| | | • Enfants présentant des comorbidités augmentant le risque de forme sévère ;<br>• **Femmes enceintes avec comorbidité** | |